Gudde Moien,

Dir sidd ageschriwwen fir eng Formatioun am  CIS Echternach.

Mir wëllen iech hei e puer Infoen zu ären Openthalt an deem CIS mat op de Wee ginn.

**<u>Drénkwaasser :</u>**

Am CIS Iechternach steet iech e Waasserspender zur Verfügung fir är Drénkfläschen ze fëllen. Et ginn kéng Fläschen mat Drénkwaasser an de Formatiounen verdeelt.

Am CIC I krut dir eng Drénkfläsch vum CGDIS. Dir kennt awer och är eegen Fläsch matbréngen.

Fir an weidere Formatiounen muss dir är Fläsch matbréngen.

**<u>Iessen :</u>**

Fir d' Iessen notzen mir en Raum am CIS oder ginn an de Restaurant.

Ab 7:30 stinn hei Kaffi, Waasser an Mëtschen zur Verfügung.

D' Mëttegiessen gëtt op d' Platz geliwwert oder mir ginn an de Restaurant. Sollt dir eng Intoleranz hunn oder di braucht en anere Menu (vegetaresch oder vegan), soll dir kuerzfristeg eng email un hotellerie@cgdis.lu, dem Service Hotellerie vum INFS, maachen. Folgend Infoen musst dir uginn:

| | |
|---|---|
| Bezeechnung vum Cours: | z.b. *22-25-CIC I* |
| Datum vum Cours: | z.b. *18 an 19 Dezember 2022* |
| CIS wou de Cours ass: | *CIS Echternach* |
| Är Intoleranzen: | är aktuell Intoleranzen |
| | Ob dir e vegetaresch oder e vegan Menu wëllt bestellen |

**<u>Parking fir ären Auto :</u>**

De Parking du Lac steet zur Verfügung.




D’ Parkplazen vum CIS sinn de Memberen vun CIS virbehalen an däerfen net benotzt ginn.

D’ Parkplazen vum Akafszenter Nonnemillen sinn de Client virbehalen an däerfen net benotzt ginn.

**<u>Uerdnung am CIS :</u>**

**<u>Am CIS</u>** besteet eng schwaarz/wäiss Trennung:

<u>Openthaltsräim, Instruktiounreim, Büroen</u>

Hei gëtt d’ F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder Asaz-Bottinnen gedroen

Hei ass d’ Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) net erlaabt.

<u>Garagen INCSA, Atelier</u>

Hei sollen Asaz-Bottinnen gedroen ginn.

D’ Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an –Händschen) kann hei ugedoen a gedroen ginn.

**<u>Kleeder :</u>**

Während den theoretesche Coursen ass d’ F1-Tenue mat den Tagesdéngscht-Schung oder Asaz-Bottinnen ze droen.

Wann dir u kommt krit dir eng Platz zou gewisen, wou dir d’ Asazkleedung (Feier-Helm, -Jackett, -Box , -Stiwwelen an -Händschen) kennt ofleeën an un- an aus doen.

D’ Asazkleedung ass während de praktesche Coursen ze droen.

**Openthalt am CIS nom Cours :**

Am CIS halen mir eis just an den Reim op, déi fir dës Formatiounen zur Verfügung stinn.

Nom Cours kennt dir iech net méi am CIS ophalen. Et ass och net méiglech Nuets am CIS ze schlofen.

**Weider Froen :**

Fir weider Informatiounen kennt dir iech un den zonale Chef de Service Formation wenden:

Paul Wilwert

Tel. +352 621 821 698

paul.wilwert@cgdis.lu